NEWSLETTER JUNI 2026

De Summer am Minett

An dëser Editioun vun eisem Newsletter huele mir lech mat an d'Häerz vum Minett:

Wat denken d'Awunnerinnen an Awunner iwwert hir Regioun?

Wéi soll sech d'Minett UNESCO Biosphere an de nächste Joren entwéckelen?

A wéi kann een hir Natur, Geschicht a Kreativitéit haut erliewen?

Entdeckt d'Resultater vum **ILRES-Sondage**, kuckt zeréck op de **Regionalforum**, lauschtert geschwënn de Minett am Rap-Format a loosst lech vun **Atelieren, Outdoor Escape Games** an enger interaktiver **Story Map** inspiréieren.

Dës Theme presentéiere mir lech hei an Dir kënnt esou erausfannen, wéi vill et am Minett z'entdecken, matzemaachen an ze erliewe gëtt.

Mir wënschen lech elo scho **vill Spaass** dobäi.

Är Ekipp vun der Minett UNESCO Biosphere

DE MINETT AUS DER SIICHT VU SENGEN AWUNNER



Eng r**epresentativ ILRES-Ëmfro bei 837 Awunnerinnen an Awunner aus den eelef Minett-Gemengen**, am Kader vun der neier territorialer Konventioun tëscht dem Ministère fir Wunnengsbau a Landesplanung a PRO-SUD, weist:

De Minett gëtt staark appreciéiert, mee et besti **kloer Erwaardungen un d'Entwécklung an de Beräicher Ëmwelt, Wunnen a Mobilitéit**.

ENTDECKT D'RESULTATER VUM SONDAGE

DE MINETT GEMEINSAM AN NOHALTEG ENTWÉCKELEN

De 6. Juni 2026 huet PRO-SUD an der Hall VEWA zu Diddeleng e **Regionale Forum zur gemeinsamer an nohalteger Entwécklung vum Minett** organiséiert.

Vertrieder vu Gemengen, Institutiounen, regionale Partner, Acteure vum Terrain, Zivilgesellschaft a Bierger hunn sech op Basis vum ILRES-Sondage iwwer **zukünfteg Prioritéite fir d'Minett UNESCO Biosphere** ausgetosch.

KUCKT D'IMPRESSIOUNE VUM REGIONALE FORUM

DE MINETT MUSIKALESCH KENNELÉIEREN

Mat Hëllef vun zwou Schoulklassen aus dem Minett huet d'Rapperin Nikki Ninja e Lidd iwwert d'Minett Biosphere geschriwwen.

Dëst Rap Lidd huet de **5. Juli op sengem Concert (Start Moies um 10:30) am Schluechthaus zu Hollerech Weltpremière** a kann dono op Spotify gelauschtert ginn.

HEI FANNT DIR MÉI DETAILLER IWWERT DE CONCERT

DE MINETT AKTIV ENTDECKEN

Dräi aktiv Entdeckungsproposen vum **Minett Natur an Ëmwelt Léier Lab** invitéieren dozou, **d'Natur am Minett kreativ, spilleresch a mat oppenen Aen z'erliewen** — vu wëlle Blummen a Planzeskizzen bis bei spannend Escape Games an de fréieren Dagebaugebidder.

Am Atelier **Naturfloristik**, de Samschdeg, **27. Juni 2026 vun 09:00 bis 12:00 Auer am Gemengebongert zu Schëffleng**, féiert d'Floristin a Kraiderpädagogin Pascale Scaccia an d'Welt vun de Planzefamilljen an a weist kreativ Projete mat wëlle Blummen.

LEIERT D'NATUR KENNEN A MELLT IECH GRATIS UN

Bei eise **MiNELL-Nature-Studies**, de Samschdeg, **11. Juli 2026 vun 09:00 bis 11:30 Auer am Boufferdanger Mouer zu Käerjeng**, entdeckt dir mat dem Naturkënschtler Alan Johnston Planzeformen a léiert Technike fir detailléiert Skizze vu Blummen, Blieder a Beem.

ENTDECKT D'BIODIVERSITÉIT BEI DËSEM GRATIS ATELIER

Zwee spannend **Outdoor Escape Games** erlaben et Jonken (Schoulklassen oder Gruppen aus enger Maison Relais) ab 10 Joer, d'Biodiversitéit, Geologie an Industriegeschicht vun de **Naturschutzgebitter „Giele Botter" an „Haard"** spilleresch z'entdecken. Op siwe Statioune léisen d'Equippen an de fréieren Dagebaugebidder Rätselen a léieren d'Wichtegkeet vum Naturschutz kennen. D'Spiller sinn op Däitsch a ginn a spezielle Rucksäck transportéiert.

RESERVEIERT ÄR OUTDOOR-AVENTURE ELO

DE MINETT INTERAKTIV ENTDECKEN



D'Marie Alisée Mathevet, Studentin um C2DH, huet am Kader vun hirem Stage bei der Minett UNESCO Biosphere **eng digital Story Map vun der Haard** erstallt.

Si weist d'Transformatioun vum fréieren Dagebaugebitt „Haard-Hesselsbierg-Staebierg" an e Biodiversitéitshotspot, souwéi d'Bedeitung vu Minièren an Eisenindustrie fir Diddeleng, Käl-Téiteng a Rëmeleng.

TRËPPELT VIRTUELL IWWER D'HAARD

6, Ellergronn
L-4114 Esch-sur-Alzette
LUXEMBOURG

+352 261797-1
prosud@prosud.lu
minett-biosphere.com